N° 422
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 18ten Abrëll 2023 wéilt ech der Ministesch fir Interieur eng mëndlech Fro stellen.

Den 12ten Abrëll war de leschten Dag un dem Kandidaten an den eenzele Gemengen hir Lëschten a Kandidature konnten erareechen. An enger Gemeng goufen d'Lëschte mat de Kandidaten op der Website an am Rider vun der Gemeng publizéiert. Dobäi goufen och d'Matricule vun all de Kandidate mat veröffentlecht, obwuel si dës net selwer hu missen uginn. D'Matriculesnummer ass eng ganz wichteg perséinlech Informatioun, déi net einfach dierf public gemaach ginn. No de Reklamatioune vu verschiddene Kandidate goufen d'Lëschten dunn ouni d'Matricule nei veröffentlecht.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

Huet d'Madamm Ministesch den Uerder raus ginn un d'Gemengen, fir d'Matricule vun de Kandidate mat ze veröffentlechen?

- Wa jo, wéi sinn d'Gemengebeamten un d'Matricule vun de Kandidate komm respektiv huet d'Ministesch do de Gemengen een Accès erméiglecht?
- Wa nee, läit dann e Verstouss géint den Dateschutz vir?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten